



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Éducation nationale,  
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, a vum Minister fir bannezeg Sécherheet, Henri Kox, op d'parlamentaresch Fro Nr. 6539 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup**

**Ad 1)**

Déi genannte Gruppéierung ass bekannt, an et bestinn och Kenntnisser iwwert aner Gruppéierung vu Jugendlechen, déi awer no dem aktuellen Erkenntnisstand net dat selwecht Gewaltpotential un den Dag leeën.

**Ad 2)**

Eng gewësse regional Konzentratioun ass net feststellen. Wéinst dem Secret de l'instruction ass et net méiglech, d'Direktioun vum Lycéeën iwwer lafend Enquêtes a Kenntnis ze setzen. Dëst huet sech allerdéngs an der Vergaangenheet um Terrain net als problematesch erweisen, well d'Direktioun fir hir Aarbecht net iwwer Detailler aus der Enquête musse verfügen. Et ass vill méi esou, datt d'Direktiounen dacks um Ursprung vum enger Plainte oder engem Signalement stinn, an iwwer d'Schoulcommunitéit en détailléiert Bild vum der Situatioun tëscht deene Jonken hunn, esou laang dëst sech och am schouleschen Alldag nidderschléit.

**Ad 3)**

Wéi schonn ugefouert, gëllt den allgemenge Prinzip vum Secret de l'instruction. Dëst bedeit awer net, datt keen Echange tëscht dem Parquet, der Police an der Schoule besteet. Am Fall, wou d'Schoul Kenntnis kritt huet vum engem Gewaltvideo, huet d'Schoul de Parquet doriwwer informéiert an huet bei der Enquête enk mat der Police judiciaire zesummegeschafft. Doriwwer eraus hunn déi Zwëschefäll disziplinaresch Sanctiounen an der Schoul no sech gezunn. Ebe grad fir Opfer an Täter vuneneen ze trennen, sinn an dëse Fäll Renvoie vum der Schoul ausgeschwat ginn.

**Ad 4)**

An deem Fall, deem am Mëttelpunkt vum dem öffentlechen Debat steet, an deem an enger öffentlecher Schoul war, huet eng Prise en charge vum dem Opfer duerch de SePAS stattfonnt an d'Virfäll sinn an der Schoulcommunitéit thematiséiert an opgeschafft ginn.

**Ad 5)**

D'Mesuren déi d'Police an dësem Kontext ergräift si schonn exhaustiv ënnert dem Punkt 4 vum eiser Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 6534 opgezielt ginn. De Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend schafft aktuell och un enger Campagne fir géint de Phänomen vum de Gewaltvideoe virzegoen, e Phänomen, deem och am Ausland festgestallt gëtt, a wäert entsprechend Materialien an dësem Schouljoer an d'Schoule bréngen.

Lëtzebuerg, de 26. September 2022

De Minister fir Educatioun,  
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH